N°944
Entrée le 13.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 944 vun der éierbarer Deputéierter Alexandra Schoos**

1. **Wéi eng legal Basis géif sech am Fall vum Sammy a sengen Aartgenossen applizéieren, wuelwëssend, datt d'Déier sech méiglecherweis schonn entgéint de Bestëmmunge vum Naturschutzgesetz op nationalem Terrain reproduzéiert huet?**

   Et ass keng Aart an der lëtzebuerger Wëldfauna bekannt, mat där d'Aart vum Walaby-Kanguru sech kéint reproduzéieren. Déi legal Basis fir d'ALVA ass am Fall vum Sammy d'Déiereschutzgesetz.

2. **Kann d'Madamm Minister fir de Fall, datt den Artikel 5) (2) 3. B) hei géif gräifen, matdeelen, wou déi genee Konditioune fir en adequate Liewensraum fir e Känguru zu Lëtzebuerg ze halen, gereegelt sinn?**

   D'Evaluatioune vun den Demanden am Kader vum Art.5 (2) 3. b) fir eng Haltungserlaubnis vun Déieren, déi net op der positiver Lëscht stinn, ginn op Basis vun der Méiglechkeet gemaach, ob een déi betreffend Déieren aartgerecht hale kann. Dobäi ginn och Publikatiounen aus verschiddene Länner iwwert d'Richtlinne fir d'Haltung vun deenen Déiere mat berücksichtegt.

3. **Kann d'Madamm Minister matdeelen, firwat d'Déierefamill zwar de jure saiséiert, awer bis zur Ausstellung vun enger Autorisatioun de facto beim Proprietär gelooss gouf, obwuel nach net eendeiteg gekläert ass, ob all d'Konditioune fir eng aartgerecht Haltung garantéiert sinn? Wéi verdréit dës Decisioun sech mat de Bestëmmunge vum Artikel 14 vum Déiereschutzgesetz, dat ënner anerem seet: "En cas de retrait de la garde d'un animal, celui-ci est confié à une personne physique ou morale qui lui assure les soins et le logement appropriés ou à une association de la protection animale"?**

   De Parquet huet decidéiert eng saisie judiciaire auszeschwätzen mat der Oplag dass d'Déieren konnten bei der Proprietärin bleiwen well d'Haltungsbedingungen an der Rei waren an fir den Déieren weider Stress ze erspueren bis eng definitiv Decisioun betreffend d'Autorisatioun virleit. Den Art.14 vum Déiereschutzgesetz war an dësem Fall net d'Basis fir d'Saisie.

4. **Muss de betraffene Proprietär op Basis vum Artikel 17 Punkte 7. an 8. vum selwechte Gesetz mat enger Geldstrof rechnen?**

   D'Punkte 7 an 8 vum Art.17 vum Déiereschutzgesetz betreffen den Art.6 deen an dësem Fall hei net implizéiert ass.

De Punkt 6 vum Art.17 gesäit eng Geldstrof fir den Art.5 vir. Op et zu enger Uklo an dono zu enger Verurteelung mat enger Geldstrof kennt ënnerläit net der Kompetenz vun der ALVA mee vun der Justiz.

5. **Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi wäit den Ëmgang mam Sammy zu engem allgemengen, rechtleche Prezedenzfall avancéiere kéint?**

   D'Decisioune fir d'Autorisatioune fir d'Haltung vun Déieren, déi net op der positiver Lëscht sti, ginn au cas par cas opgrond vun enger Evaluatioun vun der Haltung vun deene jeeweilegen Déieren an der Situatioun op der Plaz geholl. Wéi am Gesetz festgehale kann d'Autorisatioun opgrond vum Déiereschutz, der Aarterhaltung, der ëffentlecher Gesondheet an dem Naturschutz refuséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 12. August 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN